N°6289
Reçu le 04.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madame Gesondheetsministesch a vun der Madame Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6289 vum 2. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen

Wat mécht d'Regierung, fir virun de Gefore vum Shisha-Fëmmen ze warnen? Gëtt Preventiounsaarbecht geleescht, fir Jugendlecher virun dësem Trend ze warnen?

D´Shisha ass een Tubaksprodukt an ënnerläit dem Antitubaksgesetz. All Mesuren vun dësem Gesetz déi sech op Zigaretten applizéieren, sinn deemno och fir d'Shisha applikabel:

- Et ass verbueden do Shisha ze fëmmen wou d'Gesetz e Fëmmverbued virgesäit, e.a. an oppenen Sportsenceinten wou Kanner ënner 16 Joer Sport maachen souwéi op Spillplazen;
- Et ass deemno och verbueden am Auto Shisha ze fëmmen wann een Kand ënner 12 Joer am Auto ass;
- D'Vente vun Shishatubak oder Shishaproduit'en u Mannerjäreger ass verbueden;
- All Form vun Vente à distance, d.h den Verkaaf vun Shishatubak iwwer den Internet ass verbueden.

En Fëmmverbued gëllt och an den *Débits de boisson* (Café, Bar'en, Restaurant'en etc.), deemno applizéiert sech dat och fir d'Shishabar'en. Wann de Propriétaire vun enger Shisha Bar et erlaben wëll an sengem Etablissement ze fëmmen, muss hien eng Autorisatioun fir een Fumoir ufroen. Just am Fumoir däerf Shisha gefëmmt ginn. Wann den Fumoir no enger Kontroll vun der Gesondheetsdirektioun feststellt datt d'Critèren alleguerten erfëllt sinn (e.a. dierf an engem Fumoir weder Iessen nach Gedrénks zerwéiert ginn), stëllt den Gesondheetsministère eng Autorisatioun aus.

All Form vun Publicitéit fir een Tubaksprodukt ass verbueden, ausser um Point de vente selwer: dëst applizéiert sech och op d'Shisha Produkter. Um Point de vente dierf keng Publicitéit gemeet ginn déi geziilt op déi Jonk ausgeriicht ass.

All des Mesuren sollen den Zougang zu Tubaksprodukter fir Jugendlecher erschwéieren, den Akt vun Fëmmen dénormaliséieren an déi Jonk virum Passivrauch schützen.

D'Gesondheetsdirektioun lancéiert doriwwer eraus regelmässeg Preventiounscampagnen géint den Tabagismus an géint all Form vun Tubaksprodukter an rappeléiert och regelméisseg iwwert d 'Geforen vum Tubak, dëst ënnert anerem bei der *"Journée internationale contre le tabac"* den 31. Mee. Preventiouns - Brochuren, - Dépliant'en, - an Affichen ginn och gratis zur Verfügung gestallt. Ënnert www.sante.public.lu ginn regelméisseg Informatiounen iwwert d 'Geforen vum Tubak fir all Altersgrupp publizéiert.

N°6289
Reçu le 04.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Leien der Regierung Zuele vir, wat den aktuelle Shisha-Konsum zu Lëtzebuerg ugeet? Wa jo, wéi verdeelt sech dëse Konsum op déi verschidde Altersgruppen?

Fir d 'Joer 2021 goufen zu Lëtzebuerg Akzisen op 14.768 Kg Shishatubak bezuelt. Fir déi éischt fënnef Méint vun dësem Joer sinn bis elo Akzisen op 3.315 Kg bezuelt ginn.

Wéi sech des Quantitéiten op déi eenzel Altersgruppen verdeelen ass net méiglech nozevollzéien. D'Vente un Mineuren ass allerdéngs vum Gesetz hier verbueden. Genee Statistiken, iwwert d'Altersgrupppen, d'Définitiounen vun Fumeur oder Fumeur occasionnel fir d'Shisha wäerten ab 2023 disponibel sinn. Gegebenefalls wäert d'Präventiounsstratégie och op Basis vun dësen Statistiken adaptéiert ginn.

Wéi gëtt d'Shisha-Fëmmen zu Lëtzebuerg taxéiert?

D'Shisha gëtt als *"autres produits de tabac"* besteiert. Dat sinn aktuell 34,25% *"droit d'accise ad valorem"* an 19,50 Euro/Kg *"droit d'accise spécifique"* an 17% TVA.

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert